Grënnung.

De Rotary Klub Thionville Porte de France as 1988 gegrënnt gin. Séng Pätter waren de Klub Thionville, an de Klub Thionville Rive Droite. Et war also den drëtte Klub vun der Agglomeratioun Thionville. Zenterhier as eise Klub selwer Dafpätter fir de RC Thionville Malbrouck de séng Charta de 17. Januar 2004 kritt huet, an Dafpätter fir en aneren Klub, Audun Val d'Alzette, den seng Charta Enn 2006 kritt huet.

D'Agglomeratioun vun Thionville.

Si zielt ongeféier 200 000 Awunner. D'Haaptstat as Thionville mat 42 000 Awunner an si as och de "Pol Tertiaire" (Statsadministratiounen, Schoulen, Liberal-professiounen). Et as en Industriegebitt, nam Schwéier punkt Autoindustrie. Zu Thionville as och eng Atomzentral (4 Tranchen vun 1300 MW). Net wäit vun Thionville gëtt et nach Lëtzebuerg. E groussen Deel vun de Population schafft zu Lëtzebuerg, haaptsächlech an der Stad (Thionville-Letzebuerg = 30 km) – (Th.-Saarbrecken = 75 km an Th.-Arel, an der Belsch = 45 km).

D' Clubmemberen.

Et waren 27 Fondatiounsgrënner. Hauts sin der nach 16 vun hinnen aktif.. D'Zuel vun de Clubmemberen as op ongeféier 40 teschent 2000 an 2003; dono waren si zu méi ewéi 50. Bis haut sin 79 Clubmemberen ugeholl gin E puer sin der fortgaang , a leider war och en Trauerfall. Et bleiwen haut 61 Memberen. Och et sin och Fraen am Club den de Durchschnëttsalter as bei 53 Joer, den Eelsten huet 66 Joer.

D'Cluborganisation.

Mir versammlen eis all Donneschdeg an engem sympateschen Restaurant net wäit ewech vun Thionville. Den éischten an drëtten Donneschdeg am Mount dauert Versammlung vu 19.15 bis 20-00 (engem bei Aperitif), den zweten a véierten gët et en Owendiessen vun 20:00 bis 22:00 auer Wenn e Mount 5 Donneschdeger zielt, organiséieren mir en Owendiessen mat de Fraen zesummer.

Während den Aperitifsversammlungen schwätzen mir iwwer intern Problémer a Kommissiounaarbechten, a während den Owendiessenversammlungen probéieren mir eng Konferenz ze organiséieren.

De verwaltungsrot hällt all éischten Donneschdeg eng Versammlung. Am November treffen sech déi fréier Präsidenten mod deenen vun haut. Am Dezember hun mir eis Generalversanmlung hei gët den neien verwaltungsrot gewielt seen den 1 juli seng Funktioun hëllt.

Den Inter-Club.

Well eben 4 veraïner zu Thionville bestinn organiséieren mir all éischten Freideg am Mount e Muereskaffi vun 7.30 bis 9.00, zu dem all Memberen agelueden sin fir sech besser kennen ze léieren.

Et as e groussen Inter-Club deen die véier veraïner vun Th., déi vun Hayange, Hagondange, Longwy, Briey an Audun zielt, an deen all Joër d'Operation 3 E organiséiert.

D' Clubaktiounen fir d' Jugend.

De Club huet d' Jugend als Prioritéit gewielt. Et hëllefen e puer lokal Veräiner déi sech mat d' Jugendprobleme befaasen.

Zënter ongefëier zéng Joër participéiert de Klub am "Student Exchange" a schéckt een oder zwee Studenten all joer an d'Ausland, an empfänkt och een oder zwee auslännesch Studenten.

D' Professionelaktion.

De Club participéiert all Joër mat aneren zu „3 E": dat heescht „Entraînement à l'Entretien d'Embauche". D'Entreprisecheffen bereeden ongefëier 250 Kandidaten fir Astellungsgespréicher a vier.

D' Internationalaktion.

De Klub huet fir e puer Deg Partner zu „EGE" agelueden, besonnesch d' Brasilianer vu Curitiba an duerno 1 EGE vum New-Brunswick (Canada), an am Fréijoër kommen Japaner.

Fir de Moment preparéieren mir eng AIPM (Action d'Intérêt Public Mondial) déi virgesaït Schoulen zu Madagascar ze renovéieren.

Mir hun zwee jumeléierte Club deen vun Charleroi an de Club vu Bruchsal-Schoenborn a Däitschland. Mir kommen zwemol am Joër zesummen, an emol d' Joër organiséieren mir eng Versammlung vun engem de Week-End.

Mir hun och gutt Relatiounen mat dem RC Bascharage-Kordall an mat de RC Landgraf (Holland).

Finanzéirung vun den Aktiounen.

Financizeirung besleet haaptsächléch vun de Mëmberkotisatiounen, awer och vun de Festivitéiten déi mir organiséieren. Dan sin concerten aweroch, Owendiessen mat Konferenz fir d' Leit unzezéien.

Eis Problemer an eis Objektiven.

Et as schwéier d' Mëmberen regelméisseg zesummen ze brengen. Eisen Club zielt vill jonk Leit déi de ganzen dag schaffen D' Präsenzen sin zimlech schaach (net grad 60%).

Mir wëllen d'Aktiounen fir de jonk Leit weiderféiren an dofir froe mir eis Memberen matze hëllefen schaffen.

Fir den zwanzégsten Gebuertsdag vun eisem Veraïn an zwee Joër hu mir eng grouss Festivitéit geplangt. Mir wëllen eis Memberen mobiliséieren an d'öffentlechkéet sensibiliséieren.

Homepage.

Op eiser Homepage kënnt Dir eis Photo an d'Adresse fannen, d' Lëscht vum verwaltungsrot an de Planing vun eisen Versammlungen http://www.rotary-district1790.com/clubs/thionville_pdf/